N° 4362
Reçue le 15.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Réf.: 375/21

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 15 juin 2021

Objet: Question parlementaire n° 4362 de l'honorable Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n°4362 de l'honorable Député Marc Goergen

1. Sinn dem Minister Verstéiss géint d'Importverbuet vu wëlle Villercher (also géint d'EU Reglementer 318/2007, 139/2013 oder 2020/692) zu Lëtzebuerg bekannt? Wann jo, wéi vill Fäll goufe säit dem 1.07.2007 festgehalen?

Den Importverbuet vu wëlle Villercher vun 2007 ass eng Decisioun vun der EU-Kommissioun fir ze verhënneren, dass Déiere mat Vullegripp importéiert kéinte ginn, an domadder d'Déieren an d'Leit aus der EU engem Risiko ausgesat géife ginn.

Zu Lëtzebuerg si keng Verstéiss géint den Importverbuet wéinst Vullegripp bekannt.

Zu Lëtzebuerg si keng Verstéiss géint d'Importverbuet vu wëlle Villercher ënnert Cites bekannt, wéi och aus dem Rapport vun „Traffic.org" rauszeliesen ass:
https://www.traffic.org/site/assets/files/9287/traffic_bulletin_march_1997_-_october_2019.pdf

2. Wéi vill Händler vun exotesche Villercher hei am Land sinn der Veterinärsinspektioun bekannt?

Zu Lëtzebuerg si fënnef Verkeefer vun exotesche Villercher bekannt, dräi dovunner verkafen och Villercher mat Cites-Pabeieren.

3. Ginn d'Händler, déi exotesch Villercher zu Lëtzebuerg verkafen, vun der Veterinärsinspektioun kontrolléiert? A wann jo, wéi oft?

D'Händler ginn am Kader vun den offizielle Kontrolle betreffend d'Déierewuel an d'Déieregesondheet oder och op Hiweis hin kontrolléiert. Eng festgeluechten Zuel vu Kontrolle gëtt et net.